Eis Frënn

Am Joer 1992-93 huet eise Gruppechef, de Collinis Luss, d'Initiativ ergraff fir Elteren a Frënn vun de Guiden a Scouten, déi bei all gréisser Manifestatioun eng Hand mat ugepaakt hunn, ze froen fir eng a.s.b.l. „Frënn vun de Suessemer Guiden a Scouten" an d'Liewen ze ruffen.

Mat dëser Iddi ass de Luss beim Norbert Pater a Nico Flick net op daf Ouere gestouss. Déi Zwee haten sech och schons Gedanke gemaach wéi een d'Guiden a Scouten kéint ënnerstëtzen.

Eng Grënnungsversammlung ass de 16. Mäerz 1993 aberuff ginn wou sech folgende Comité gebild huet:

President: Flick Nico; Secretaire:Pater Norbert; Keessier: Glod-Brosius Marianne; Memberen: Collini Luss; Dabée-Rippinger Marie-Paule; Degée Albert; Helbach Marie-Jeanne; Herber Liliane; Kirsch Guy; Abbé Klein Edmond; Schneider-Ducoli Carla; Warnier-Olsem Eliane; Weber-Weydert Madeleine; Winandy Jos.

Als Haaptziel vun de "Frënn" ass d'moralesch a materiell Ënnerstëtzung vun de Guiden a Scouten an de Statuten festgehale ginn. Vun deem Ament un hunn d'Frënn beim Theater, bei der Guiden a Scoutskiirmes a spéider och beim Buergbrennen eng fest Hand mat ugepaakt. Wann et geheescht huet fir aussergewéinlech Evenementer op nationaler Basis ze organiséieren, wéi zum Beispill Chefdag oder Wiwelrallye, dann waren d´Frënn ëmmer bereet.

Vun Ufank un haten d´Frënn och hier eegen Aktivitéiten. Dozou zielen zwee Baler, de Kannerfloumaart an zenter e puer Joren këmmeren se sech um Reitturnéier beim Suessemer Schlass ëm de Grill a fuere mat de Kanner e flotten Tour mam Zichelchen duerch Suessem.

Startproblemer beim Jumping 2001:



No 3 Fläsche Béier, 20 Liter Mazout an 100 Meter Ulaf ass den Zichelchen endlech un d'Rulle komm.